

Dem Marc Mangen säi Stil gëtt bestëmmt duerch seng laangjäreg Fuerschung um Gebitt vun den neien harmoneschen a melodesche Méiglechkeeten. Säin eklektesche Stil, deen trotzdeem ganz perséinlech ass, bedéngt sech un engem groussen Deel vun der Jazzgeschichte.

Hien ass Autodidakt, sou wéi all Jazzmusiker vu senger Generatioun. Schon als jongke Mënsch konnt hie mat de beschte Musiker aus senger Géigend spillen. Vun hinne konnt hien d'Grondlage vun där Musik léieren.

Säitdeem huet hie praktesch all Stil vu Musik mat allméigleche Gruppen an Orchester gespillt. Mee schon zënter enger Rei vu Joeren konzentréiert hie sech op de rengen Jazzpiano, seng éischt Léift. De Marc Mangen ass och als Komponist tätég. Säi Wierk ëmfaasst Jazznummern, mee och Stécker fir grouss Ensembles, besonnesch fir seng 8-Mann Band "Afrodisax". Als klassesch ausgebildete Musiker schreift hie Lidder, Chouerwierker an Uergelmusik. Erwaardungsgeméisst besteet säi Soloprogramm haaptsächlech aus eegene Melodien, niewent ausgewielte Standarden an Improvisatiounen.

Als Musiker ass hien zimlech wäit gereest: ganz Westeuropa, Rumänien, Tchechien, USA, China, Ägypten. Hien huet LPen a CDen opgeholl am Solo, Trio, Quartet, bis zur Big Band, als Leeder, Begleedmusiker a Komponist-Arrangeur. Hien ass donieft och en erfollegräichen Dozent fir Jazz Piano an Arrangement.

Och wann hie sech den Jazz selwer bäibruecht huet, de Piano huet hien am Quatsch geléiert. Mat 19 ass hien dunn op Stroossbuerg gaang fir mam Gérard Frémy ze studéieren. Et war eng streng klassesch Ausbildung; zu där Zäit war den Jazz op den Héichschoulen net esou verbreed wéi haut. Glécklecherweis konnt hien un e puer Workshops mam John Taylor deelhuele. Den John ass eng grouss Inspiratiounsquell fir de Marc ginn, déi bis haut unhält. Iwwer d'Joeren hat hien d'Geleenheet fir mat bekannte Musiker ze spillen, wéi z.B. Uli Beckerhoff, Randy Brecker, Ted Curson, Claudio Fasoli, Tino Gonzales, Didier Lockwood, Jean-Loup Longnon, Glenn Miller, Itaru Oki, Jacques Piroton, Gunnar Plümer, Emmanuelle Somer, Mark Turner, Erwin Vann; ausserdeem mat de meeschte Musiker vu Lëtzebuerg, an nach vill anerer.

Ausser Jazz um Piano spillt hien och nach gäre klassesch Musik op der Uergel. Hien ass Organist an enger Kierch am Schwäizer Kanton Bern, wou hie Sonndesdénsgchter, Hochzäiten a Begräfnisse spillt.